



Gemeinsam Äntwert vum Verdeedegungsminister an der Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5827 vum 25. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

Virbemierkung:

D'Opstellen an d'Operéiere vun den Testzentren illustréiert déi villfälteg a permanent Asazfäegkeet déi vun der Lëtzebuerger Arméi erwaart gëtt.

D'Mandat dat d'Regierung der Arméi ginn huet an déi enk Delaien hunn d'Arméi virun eng grouss Erausfuorderung gestallt a no un hier Personal-Limite bruecht. Dofir gouf och en Opruff un aner Verwaltunge gemaach fir Fräiwëlleger zur Verfügung ze stellen.

Nieft der Tatsaach dass den Dispositif evolutiv geplangt gi war an d'Effektiver, en fonction vun de Clienten an den Testzentren, à fur et à mesure reduziéiert konnte ginn, wëll ech op d'Flexibilitéit an de Voluntarismus vun de Bedeelegten hiweisen:

- eng ganz Rei vu Léit hunn drop verzicht hunn, an där Period Congé oder Recuperatiounen ze huelen,*
- d'Léit hunn d'Méiglechkeete vum Horaire mobile voll ausgeschöpft andeems se reegelméisseg bis zu 10 Stonne pro Dag geschafft hunn,*
- vill Fräiwëlleger si während hirer Fräizäit oder hirem Weekend agesprongen.*

Doduerch war et méiglech 7 Deeg op 7 ze fonctionéieren an dat an der Woch engagéiert Personal ze entlaaschten an esou de reiwungslose Betrib vun den Testzentren ze garantéieren.

Dofir e grouse Merci un all déi Bedeelegt, zivil an an Uniform, vun der Arméi an aus anere Verwaltung.

Zur Fro 1:

D'Ausgaben op Säite vun der Arméi belafen sech op 79.325 Euro. D'Santé huet 68.000 Schnelltester zur Verfügung gestallt à 1,35 Euro d'Stéck.

Zur Fro 2:

Am Kontext vun der Missioun TAR si ganz verschiddearteneg Käschtchen entstanen: Asetze vun engem informatéschen Umeldesystem, Iwwerwaache vun de Sitten, Formatioun vum Personal, Schutzmaterial (Masken, Kleedung, Händschen,...), Desinfektiounsmaterial, Stroum, asw. Dozou kommen och Personal- a Fonctionnementskäschtchen.

Eng exhaustiv Käschtenopstellung, déi wäit iwwert d'Ressorte vum Verdeeedegungsminister an der Santéministesch eraus geet, ass aktuell net verfügbar.

Zur Fro 3:

Am ganzen hate 26.869 Persounen ee Rendez-vous geholl, dovunner:

- 1.499 Persounen ze Jonglënster;
- 3.381 Persounen ze Dikrech um Fridhaff;
- 5.188 Persounen an der LuxExpo;
- 5.621 Persounen um P&R um Houwald;
- 11.180 Persounen um Parking Raemerich ze Esch/Belval

Et ass net méiglech ze soe wéi vill Tester effektiv gemaach gi sinn, well net déi ganzen Zäit gezielt gouf. En Sondage an der Mëtt vun der Missioun léisst awer drop schléissen dass ongeféier 75% vun de Leit déi ee Rendez-vous geholl haten, sech och presentéiert hunn an och tatsächlech getest goufen.

Zur Fro 4:

D'Armée huet sengem Personal dat an den Testzentren engagéiert war proposéiert Tester ze maachen. Déi Tester waren awer op fräiwëlleger Basis a goufen net gezielt.

Zur Fro 5:

D'Testzentren haten eng initial deeglech Kapazität vun

- 10.080 Persoune vu Méindeg bis Donneschdeg;
- 6.480 Persounen um Freideg a Sonndeg;
- 2.880 Persounen um Samschdeg.

Zur Fro 6:

Laut initialem Dispositif waren

- vu Méindeg bis Donneschdeg 26 Persoune pro Dag pro Testzenter affektéiert;
- Freides a Sonndes 20 Persoune pro Dag pro Testzenter affektéiert;
- Samschdes 14 Persoune pro Dag pro Testzenter affektéiert.

Unhand vun den Aschreiwungszuele gouf de Fonctionnement vun den Testzentren de 5. Februar eng éischte Kéier adaptéiert :

- déi 5 Zentren si Samschdes a Sonndes Moies zou bliwwen;
- déi 2 Zentre vu Jonglënster an Houwald si Samschdeg Nomëttes zou bliwwen;
- d'Kapazität an den Zentre gouf vu Méindes bis Donneschdes hallwéiert.

Dëst huet mat sech bruecht dass den Dispositif duerno konnt reduzéiert ginn:

- Vun Méindeg bis Freideg 14 Persoune pro Dag pro Testzenter affektéiert;
- Samschdeg a Sonndeg 7 Persoune pro Dag pro Testzenter affektéiert;
- Samschdeg 0 Persoune pro Dag an den Testzentre vu Jonglënster an Houwald affektéiert.

Unhand vun den Aschreiwungszuele gouf de Fonctionnement vun den Testzentren de 15. Februar eng zweete Kéier adaptéiert:

- d'Testzentre Jonglënster an Houwald goufe komplett zou gemaach.
- d'Zuel vu Persounen déi op de verbliwwen Testzentren affektéiert waren, gouf op 10 reduzéiert.

Déi Responsabel vun den Testzentren haten doriwwer eraus d'Fräiheet hiren Dispositif deeglech en fonction vun den Dagesaschreiwungen adaptéieren ze kënnen an esou d'Unzuel vum néidege Personal kënnen ze reduzéieren.

Zur Fro 7:

All Kompanien a Servicer waren un der Missioun TAR bedeelegt. Dës breet Opstellung huet et erlaabt de Fonctionnement vun den operationellen Unitéiten esou wéineg ewéi méiglech ze beanträchtegen. Esou konnt d'Preparatioun an den Training vun den EUTM Mali, MINUSMA an eFP Detachementer normal weiderlafen.

Um Niveau vum Etat-major kour et och zu eenzele Retarden, well ëmmer nees verschidde Léit gefeelt hunn, well se op den TAREN engagéiert waren.

D'Militärmusek konnt wärend der Missioun net am Orchester prouwen, keng Concerte spillen. Sou huet ënnert anerem och hier Participatioun op der Weltausstellung zu Dubai missen annulléiert ginn.

D'Éiergard beim Palais war vun Enn Dezember 2021 bis den 28. Februar 2022 net opgezunn.

Des Weidere kour et zu Retarden an der Preparatioun vun der Kontributioun fir d'VJTF 23.

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2022

(s.) François Bausch

Verdeedegungsminister